



Groupe parlementaire

N°7593  
Entrée le 14.02.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 14.02.2023

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen den 29. Januar op der Antenn vun RTL diffuséiert gouf, huet den Här Bausseminister am Bezuch op d'Krichssituatioun an der Ukrain ënner anerem dat heite gesot: "*Wann d'Diplomatie net méi gräift, da gräift just nach eent, an dat ass d'Gewalt!*".

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, ob si Friddensinitiativen ewéi z.B. déi vum brasilianesche President ënnerstëtzt?
- 2) Kann d'Regierung confirméieren, datt et och tëschent westlechen NATO-Staaten, wéi z.B. den USA, a Russland am Abléck Kontakter gëtt fir eng negociéiert Léisung ze fannen? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg aktiv Friddensinitiative vun NATO-Länner?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen ob si, anescht wéi vill aner Länner, der Meenung ass, datt de Krich an der Ukrain keng diplomatesch Léisung ka fannen, mee muss militäresch gewonne ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister an vum Här Verdedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n°7593 vum Députéierten Fernand Kartheiser**

**1) Kann d'Regierung matdeelen, ob si Friddensinitiativen ewéi z.B. déi vum brasilianesche President ënnerstëtzt?**

Säit Ufank vum Krich, si schonn eng Réi Friddensinitiative proposéiert ginn. D'Friddensinitiative vum brasilianesche President gëtt am Moment kaum eeschthaf diskutéiert. De 23. Februar huet Lëtzebuerg an der UNO Vollversammlung mat 140 anere Länner fir eng Resolutioun gestëmmt, déi d'Prinzippe vun engem ëmfaassenden, gerechten an nohaltege Fridden definéiert.

**2) Kann d'Regierung confirméieren, datt et och tëschent westlechen NATO-Staaten, wéi z.B. den USA, a Russland am Abléck Kontakter gëtt fir eng negociéiert Léisung ze fannen? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg aktiv Friddensinitiative vun NATO-Länner?**

D'Regierung kann net confirméieren, datt et momentan Kontakter tëschent den USA an Russland ginn, fir eng konkret Léisung ze fannen. Der Regierung si keng konkret Friddensinitiative vun NATO-Länner bekannt.

**3) Kann d'Regierung matdeelen ob si, anescht wéi vill aner Länner, der Meenung ass, datt de Krich an der Ukrain keng diplomatesch Léisung ka fannen, mee muss militäresch gewonne ginn?**

Eng militäresch Victoire an eng diplomatesch Léisung sinn zwou verschidden Saachen. Déi militäresch Realitéit um Terrain definéiert wuel d'Parameteren vun den Friddensverhandlungen. Ee nohaltege Fridden kann awer nëmme iwwert de Wee vun der Diplomatie fonnt ginn.

Lëtzebuerg, den 14 März 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn